PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 JUIN 2019
631

Lëtzebuerg, den 25/06/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.**

Eent vun den Haaptthemen an der Ëmweltpolitik betrefft déi zukünfteg Handhabung vum Plastik. Ee Groussdeel vun der Gesellschaft huet mëttlerweil begraff, dass de Plastik net als nohalteg Ressource daagt an dass d'Politik fir d'Ëmwelt ze schützen d'Produktioun, d'Verwennung an d'Entsuergung vum Plastik besser reguléiere muss.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

- Wéi vill Tonne Plastiksoffall (Bioplastik ausgeholl) sinn tëscht 2013 an 2019 insgesamt souwéi am Duerchschnëtt pro Kapp zu Lëtzebuerg entstanen?
    - Ass de Gebrauch vum Plastik erop gaangen oder huet en sech reduzéiert?
    - Wéi ass dës Tendenz ze erklären?

- Opgelëscht no Joer, wéi eng konkret Mesuren huet d'Regierung säit 2013 ënnerholl fir de Konsum vum Plastik ze reduzéieren?
    - Waren dës Mesuren effektiv?
    - Falls jo, kann d'Regierung d'Effektivitéit vun de Mesuren mat Zuelen ënnermaueren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 13 AOUT 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 AOUT 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet :** Question parlementaire 631

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°631 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

130-000008-20040525 FR

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

**Réponse de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n°631 du 25 juin 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen**

***Wéi vill Tonne Plastiksoffall (Bioplastik ausgeholl) sinn tëscht 2013 an 2019 insgesamt souwéi am Duerschnëtt pro Kapp zu Lëtzebuerg entstanen?***

- ***Ass de Gebrauch vum Plastik erop gaangen oder huet en sech reduzéiert?***
- ***Wéi ass dës Tendenz ze erklären?***

D'Entwécklung vun de Gesamtquantitéite vu Plastiksoffäll an de Joren 2013 bis 2017 sinn am Tableau hei drënner resuméiert:

| | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|
| Tonne Plastiksoffall | 51'223 | 52'950 | 54'246 | 58'112 | 58'706 |
| kg Plastiksoffall pro Awunner | 94.3 | 95.2 | 95.2 | 99.6 | 98.4 |

Fir d'Joer 2018 sinn d'Zuelen aus deene verschidde Joresrapporten vun den Acteuren nach am Gaang kontrolléiert a validéiert ze ginn. Dofir kënne fir dat Joer nach keng Quantitéit matgedeelt ginn. well d'Joer 2019 nach nët fäerdeg ass, leie fir dëst Joer och nach keng Donnéeë vir.

Aus dem Tableau hei drënner kann een um Beispill vun 2017 gesinn, aus wat fir Beräicher dës Plastiksoffäll sinn:

| | (%) |
|---|---|
| Plastiksoffäll an dem Reschtoffall | 50 |
| Plastiksoffäll am Sperrmüll | 1 |
| Reschtoffall vum Handwierk, Commerce, Bau etc | 21 |
| Valorlux – PMC Sammlung | 7 |
| Recyclingcenter / Valorlux ReBox | 2 |
| Handel a Betriber | 17 |
| Agrikultur | 2 |

Vir dësen Tableau richteg ze interpretéiere muss een ob folgend Punkten oppassen:

- Bei den Zuelen handelt et sech souwuel em Plastiksoffall, dee separat gesammelt gouf, ewéi ëm Plastiksoffall, deen aus geméschte Fraktiounen eraus zortéiert gouf, mee awer och ëm de Plastiksoffall, deen nach am Reschtoffall an am Sperrmüll ass.

- Fir d'Fraktioun Plastik, déi nach am Reschtoffall vun den Privatleit ass, ze berechen, sinn d'Resultater vun der Offallanalyse 2013/2014 geholl ginn (17.8%). D'Resultater vun der Reschtoffallanalyse 2019 sinn eréischt ab Hierscht 2019 disponibel. Dat selwecht zielt fir de Plastik am Sperrmüll wou déi nächst Analyse 2020 gemaach wäert ginn.

- D 'Statistiken baséieren ob der Auswäertung vun iwwert 900 Berichter, déi vu Firmen aus dem Offallsecteur, all Joer, bei der Ëmweltverwaltung eragereecht ginn. Säit 2015 ginn all déi Rapporten iwwert eng Internetplattform systematesch gesammelt. Dës néi Approche erkläert dann och deelweis de Sprong tëschent 2015 an 2016.

- Nët mat abegraff an dësen Zuele sinn:
    - Plastik dee feste Bestanddeel vu Produkter ass, déi ënnert aneren Offallkategorien rapportéiert ginn (Elektro- an Elektronikschrott, Hygiensartikel, al Autoen ...);
    - Produktiounsoffäll aus der Industrie, déi Plastik hierstellt oder veraarbecht (+/- 12 Firmen). Heibäi handelt et sech an der Moyenne ëm +/- 20.000 Tonne Plastik pro Joer.

Insgesamt stellt ee fest, datt iwwert den Zäitraum 2013 bis 2015, d'Tendenz no uewen gaangen ass. Ganz vill Moosnamen zur Offallvermeidung goufen réischt an de leschte Joere geholl. Dowéinst léist den Impakt sech an dësen Zuelen nach nët bewäerten. Wichteg Zuelen iwwert d'Tendenz vun der Entwécklung vun de Plastiksoffäll wäerten am Hierscht mat de Resultater vun der nationale Reschtoffallanalyse verfügbar sinn.

***Opgelëscht no Joer, wéi eng konkret Mesuren huet d'Regierung säit 2013 ënnerholl fir de Konsum vum Plastik ze reduzéieren?***

- ***Waren dës Mesuren effektiv?***
- ***Falls jo, kann d'Regierung d'Effektiviéit vun de Mesuren mat Zuelen ënnermaueren?***

Den Ëmweltministère, zesumme mat der Ëmweltverwaltung, huet eng ganz Rei vu Mesurë geholl fir de Plastiksoffall ze reduzéieren. Dëst sinn, ënner anerem:

Um Niveau vun der Sensibiliséierung sinn dës Mesuren ze nennen:

- Am Dezember 2017 gouf eng Sensibiliséierungscampagne mam Numm "ÊTRE DANS UN SAC PLASTIQUE..." lancéiert. Dëst fir dorop opmierksam ze maachen, datt een net all Stéck Uebst oder Geméis muss an eng Plastikstut maachen.

- 2017 gouf et d'Anti-Littering-Campagne "Petit Déchet – grande pollution" fir drop hinzeweisen, datt dat muttwëllegt Ewechgeheie vun Offall an d'Natur een eeschten Impakt kann hunn. Dës Campagne ass 2018 nach eng Kéier widderholl ginn.

- Enn 2018 huet d'Ëmweltverwaltung eng Opklärungscampagne iwwert Bioplastik gemaach fir drop hinzeweisen, datt Plastik duerch Bioplastik ze ersetze keng Alternative ka sinn.

- Aktuell gëtt vum Oekozenter Pafendall, zesumme mat der Superdreckskëscht um Guide Green Events geschafft. Zil dovunner ass et nohalteg Initiativen an Evenementer ze förderen an si an dëse Schrëtt ze begleeden. Dozou gehéiert natierlech och de Verzicht op Eewee-Plastiker.

- Am Abrëll 2019 gouf d'Anti-Littering-Campagne "Offall kann déidlech sinn - gehei näischt an d'Natur" zesumme mat der Ëmweltberodung Lëtzebuerg ASBL an der Stad Déifferdeng lancéiert fir op Konsequenzen vum Littering op d'Déieren opmierksam ze maachen.

- Zanter Ufank 2019 mecht d'Emweltverwaltung reegelméisseg Publikatioune vun Alternativen zu gängegen Eewee-Plastiksartikel.

- Am Klimapakt zu deem all Gemengen adheréieren, kritt d'Offallvermeidung ëmmer méi eng Wichtegkeet, dozou gehéiert och manner Plastiksoffäll ze produzéieren.

- Regelméisseg gëtt och iwwert d'Facebooksäit vun der Ëmweltverwaltung iwwert Thematik informéiert a sensibiliséiert.

Beispiller vu konkrete Mesure fir Plastiksoffäll ze vermeiden oder ze reduzéiere sinn déi hei:

- Am Joer 2004 ass de Projet Eco-sac lancéiert ginn, e Konzept dee jidderengem geleefeg ass an deen et erméiglecht huet, datt, zanter senger Aféierung 2004 bis 2016 inklusiv eng 5.651 Tonne Plastik agespuert konnten ginn. D'Zuel vun de Plastikstuten am Handel dee matmécht konnt vun 132 Tute pro Awunner am Joer 2004 op 10,8 Tute pro Awunner am Joer 2016 reduzéiert ginn. Dat ass den Equivalent vu 560 Milliounen Eewee-Plastikstuten. 2012 huet déi europäesch Kommissioun den eco-sac als "best practice" ausgezeechent, dëst am Beräich vun der Offallvermeidung.

- 2006 ass d'Aktioun "clever akafen" vun der SuperDrecksKëscht, zesumme mat der Chambre de commerce, der clc an der ulc lancéiert ginn. Dës Aktioun viséiert eng besser Visibilitéit an eng Sensibiliséierung vum Public op méi ekologesch a nohalteg Produkter. Nieft der Präventioun vu geféierleche Substanzen ass en entscheedende Faktor fir dëse Label ze kréien och, ob d'Verpakung recycléierbar oder aus recycléierte Materialien ass. Produkter déi esou ausgewise sinn, si Faarwen a Lacker, opluedbar Batterien an Accessoiren, Wäsch- a Botzmëttel, energiespuerend Beliichtung, Schoul- a Bürosmaterial, Rinse-off Produkter, Hygienepapeier.

- Säit Jore gëtt de "Cup-System" a ville Gemengen ugebueden. Dëse baséiert op enger Pilotprojet deen d'Ëmweltverwaltung am Kader vu Lëtzebuerg, europäesch Kulturhaaptstad 2007 initiéiert huet. Parallel dozou bidde vill Gemengen e "Spullweenchen" un, en anere Wee, fir de Plastiksoffall ze bekämpfen.

- Zesumme mat der Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire (FLMP) gouf am September 2017 e Méiwee-Becher ausgeschafft, deen elo regelméisseg bei den Aktivitéite vun dëser Federatioun am Gebrauch ass.

- D'Konzept vun der Ecobox ass och eng erfollegräich Léisung déi mam Secteur vun der Restauratioun ausgeschafft ginn ass an am Juni 2018 lancéiert ginn ass. Vun am Ufank 6 Restauranten, déi matgemaach hunn, bedeelegen sech no engem Joer méi wéi 100 Restauranten an och vill Kantinnen un dësem Projet. Hei gi keng Eewee-Plastiker méi benotzt fir Iessreschter vun de Clienten anzepaken, mee de Client kritt eng Ecobox, déi am Pfandsystem ëmmer erëm benotzt ka ginn. D'Ecobox steet haut als Modell fir weider ähnlech Léisungen di momentan diskutéiert ginn, fir am Eenzelhandel Iesswueren anzepaken.

- E weidere Projet ass d'Initiative vun IMS "Zero Single Use Plastic Strategy" an de Betriber, zu där den Ëmweltministère an d'Ëmweltverwaltung bäidroen. Dëse Projet leeft zanter 2018. An der Tëschenzäit hu méi ewéi 50 Betriber sech schonn där Démarche ugeschloss, fir op verschidden Eewee-Plastiker ze verzichten an esou op e méi plastiksfräie Wee ze kommen.

- Säit Januar 2019 dierfe keng Plastikstute méi gratis an de Verkafsflächen erausgi ginn. Dëst bezitt sech op all Plastikstuten a geet deemno méi wäit, wéi déi europäesch Direktive, déi sech nëmmen op Tute méi kleng wéi 50 Mikrons bezitt. Ausgeholl zu Lëtzebuerg vum Verbuet si ganz dënn Plastikstuten déi aus Hygiènesgrënn musse benotzt ginn.

- Säit Juni 2019 ass an deene meeschte Supermarchéen am Land de Superbag disponibel. Dëst ass eng Alternativ zu de villen Eeweeplastikstuten, déi gratis am Uebst- a Geméisrayon ausgedeelt ginn.

All dës Mesuren hu mat dozou bäigedroen, datt d'Leit méi sensibiliséiert sinn op déi Problematik vun de Plastiksoffäll.

Wéi schonn uewe gesot gofen déi meescht Moossnamen an der leschter Zäit geholl esou datt et schwéier ass den Impakt an den Zuelen ze gesinn, déi de Moment disponibel sinn. D'Resultater vun der neier Hausmüllanalyse, déi am Hierscht virleien wäerten, wäerte weisen ob verschidde Mesure scho gegraff hunn, a bei wat fir Fraktiounen et néideg wäert sinn, weider geziilte Mesuren ze huelen, fir entweder dës Offäll ze vermeiden oder fir se separat ze sammele an dann ze recycléieren.